

mat Iech d'accord, dass mer ganz rapid musse weiderkommen an net nach méintelaang dat neit Agrargesetz ophalen.

Ech muss awer soen: Wa mer vun esou enger Geleeënheet vun engem neien Agrargesetz, wat net all Dag hei op de Leescht geholl gëtt, net profitéieren, fir Konkusiounen an eng Rei Léieren aus dëser BSE-Kris doran afléissen ze loossen, da froen ech mech, wéi seriö mir eis nach selwer huelen, a wat esou Debatte vun haut sollen, wa mer net bei eiser ganz normaler legislativer Aarbecht probéieren, Afloss ze huelen an eng Rei Jalone fir déi nächst Joren ze setzen. Et geet ëmmerhin ëm eng hallef Dose Joren, wou dat Gesetz héchstwahrscheinlech wäert seng Gültigkeet hunn. Dat géif ech awer bedauern.

Wat hënnert eis drun, nach elo am Dezember eng Kéier zesummen ze kommen, eis e kuerzfristige Plang ze ginn, fir ze definéieren, wéi eng Acteure mer zesummeruffen? Dat musse jo keng 60 dës Kéier sinn. Wann een déi Wichtegst zesummeriff, da kann een am Januar schonn ufänken an dat parallell zu den Diskussiounen iwwert d'Agrargesetz maachen. Ech menge schonn, dass dat net onrealistes ass. Ech géif proposéieren, de „si possible“ bäizesetzen, fir dass de Bedenke vum Här Mehlen géif Rechnung gedroe ginn. Fir de Rescht mengen ech, misst déi Prozedur hei absolut machbar sinn.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou leed wéi et mer deet, mä ech muss mech dem Här Mehlen sengen Ausféierungen uschléissen. Mir sinn net esou oft an engem Boot mam ADR - glécklecherweis och -, mä haut ass dat awer esou. Mir kënnen net waarden - an de Minister kann net waarden - mam Projet, bis d'Chamber hei en Hearing organiséiert huet.

Mir sollen deen Hearing maachen. Dogéint huet kee Mënsch eppes. Mir kënnen liewe mat där ganzer Resolutioun, wa mer den zweete Punkt sträichen. Nächst hënnert déi zoustänneg Kommissioun drun, wa se wëllt Amendementer maachen zu deem Projet, deen de Minister déposéiert, fir dat ze maachen. Si kann dra bréngen, wat se mengt, wat utile wär, mä mir sollen awer de Projet net retardéieren duerch dat hei.

Mir sinn d'accord, wann Dir deen zweeten Tret sträicht, fir déi Resolutioun ze stëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Mir sinn d'accord. Den zweeten Tret ka gestrach ginn.

**M. le Président.-** Mir maachen e Vote par main levée iwwert d'Résolution modifiée, déi elo folgende Wuertlaut huet:

### **Résolution 1 modifiée**

#### *La Chambre des Députés*

- constatant l'actuelle désorientation au niveau du marché de la viande bovine et ses conséquences pour le secteur agricole,

- considérant qu'au-delà des conséquences directes pour le secteur bovin, la crise de la vache folle soulève des questions relatives à l'orientation de la politique agricole et de la sécurité alimentaire,

- considérant que le Gouvernement soumettra sous peu un projet de loi portant réforme de la politique agricole,

- estimant dans ce contexte qu'il importe d'intégrer les éventuelles conclusions à tirer de l'actuelle crise de la vache folle dans la future politique agricole luxembourgeoise,

- estimant qu'il est du devoir de la Chambre des Députés de participer activement aux discussions portant réforme de la politique agricole et de se donner les moyens nécessaires pour s'informer en détail sur les dimensions de la crise de la vache folle et ses conséquences pour la sécurité alimentaire,

décide

- d'organiser dans les prochains mois un hearing public sur la politique agricole et la sécurité alimentaire.

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

Vote

Wie fir d'Résolution modifiée ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Wien ass dergéint?

D'Résolution modifiée ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4685. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Willy Bourg.

### **6. Projet de loi 4685 relatif à la construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg**

#### *Rapport de la Commission des Travaux publics*

**M. Willy Bourg (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann de Rapport schonn de 26. Oktober ugeholl gouf, esou hu mir haut eréischt d'Geleeënheet, fir hei an der Chamber iwwert de Gesetzesprojet 4685 ze diskutéieren an ofzestëmmen. Dëst läit dorunner, datt mir de Projet de loi iwwert den Etablissement public, deen d'Concertshal gëréiere soll, ofgewaart hunn. Dee läit elo vir.

Trotzdem ass déi gesetzlech Prozedur séier iwwert d'Bühn gaangen, well dësse Projet gouf eréischt den

10. Juli dëses Jors hei an der Chamber déposéiert. D'Chamberkommissioun vun den öffentleche Bauten huet souguer an der Summervakanz getaagt an de Projet an hirer Sëtzung vum 3. August 2000 analyséiert.

Dëse Projet autoriséiert d'Regierung, fir eng Concertshal um Kierchbierg ze bauen. D'Käschte vun dësem Bau si mat 3 Milliarden an 150 Milliounen Frang ugesat. Dëse Montant ass à charge vum Fonds d'investissement public administratif.

Firwat brauche mir eng Concertshal?

Dëst Gebai soll déi bestehend Offer u kulturellen Infrastrukturen, a méi spezifesch op musikaleschem Plang, ergänzen. Souwuel d'Musiker wéi och de Public sollen eng Gebailechkeet kréien, déi hiren Erwaardungen entsprécht an e volle Genoss vun der Musik garantéiert.

Ech wëll hei ënnersträichen, datt d'Musik eng Haaptroll an der kultureller Aktivitéit zu Lëtzebuerg anhëlt. Bei engem sportlechen Dossier kéint een elo soen, datt dëst souwuel fir de Breedessport wéi fir de Leeschtungsport géif gëllen. An der Kultur gëtt et keng esou Expressiounen, mä et ass awer richtig, datt mir ganz vill a gudd Musiken am Land hunn, an deene vill Leit vun allen Altersgruppen hirem Hobby noginn. Doniewent hu mir natierlech eist professionellt musikalescht Aushängeschëld, de fréieren RTL-Orchester a jëtzege Orchestre philharmonique de Luxembourg OPL, dee wäit iwwer eis Grenzen eraus bekannt an ëmmer e Garant fir Qualitéit war an nach ëmmer ass.

Ech hunn a mengem schrëftleche Rapport e klengen Historique vum OPL gemaach. Ech wëll dofir net méi dorop zrëckkommen. Fakt bleift, datt den Orchester eng héich Qualitéit huet, déi och an Zukunft muss bäibehale ginn. Dofir ass eng Concertshal vu grousser Wichtigkeet, well si net nëmmen e wierdege Kader fir Concerten hiergëtt, mä well si et och erlaabt - an dat ass op d'mannst genau esou wichtig -, datt den Orchester ënner professionnelle Bedingunge prouwe kann.

En Orchester vun der Qualitéit wéi den OPL, dee wëllt renomméiert Musiker an Dirigenten - an nom Doud vum David Shallon ass dëst besonnesch akut - unzéien, brauch dofir adequat Infrastrukturen, an dëst ass leider hei zu Lëtzebuerg bis ewell net de Fall. Och wann de Sall vum Conservatoire an akustescher Hisiicht den héijen Uspréch vum OPL entsprécht, esou ass en dach ze kleng, an den OPL ass gezwongen, seng Concerten zweemol ze spillen, fir der Nofro - et gëtt ronn 1.200 Abonnéen - nozekommen. Dëst wäert an engem groussen Sall - de Concertssall wäert 1.500 Leit Plaz bidden - net méi néideg sinn, wat d'Aarbecht vum Orchester sécherlech méi liicht wäert maachen. Vun de Konditiounen, ënnert deenen den OPL momentan muss prouwen, wëll ech emol net schwätzen. Si sinn - ech mengen, do wäert mir eis alleguer

heibannen eens - esou engem Orchester absolut net würdeg.

Wann den OPL och en Haaptunzéiungsmagnéit vun der musikalescher Zeeen hei zu Lëtzebuerg ass, esou wäert hien eleng jo net kënnen den néidegen Taux d'occupation vun där neier Concertshal garantéieren. Eng Infrastruktur exklusiv fir den OPL ze schafen, ass och nët den Objectif vum Gesetzesprojet, am Géigendeel. De viséierten Objectif ass vill méi dee vun enger - an ech zitieren den Exposé des motifs - „... internationalisation réelle par le biais d'activités musicales internationales multiples d'une qualité susceptible d'attirer un public mélomane universel.“ Dat heescht am Kloertext: Den Objectif vun dëser Concertshal geet wäit iwwer d'Grenze vun eisem Land, jo souguer vun der Grenzregioun eraus. Den OPL wäert een, wann och privilegiéierte Locataire vum Sall ginn.

Fir dësen Objectif ze erreechen, ass et noutwendeg, datt d'Concertshal professionell gëriert gëtt. Dofir soll en eegestännegen Organismus geschaf ginn, deen d'Form vun engem Etablissement public unhëlt a fir d'Planificatioun an d'Programmation vun de verschiddenen Aktivitéiten an der Concertshal zustänneg ass. Wéi ech schonn am Ufank vu ménger Ried gesot hunn, läit de Gesetzesprojet iwwer dësen Etablissement public elo vir.

Erlaabt mer just, e puer Wieder zu deem Gesetzesprojet ze soen. Do fanne mer och den Numm vun der Concertshal: Salle de concert Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte.

Den Dépôt vun dësem Gesetzesprojet war jo d'Konditioun, datt mer de Projet iwwer de Bau vun der Concertshal kënnen stëmmen.

Dësen Etablissement soll scho während der Bauphas funktionéieren, fir de Maître d'ouvrage ze beroden. Also muss de Gesetzesprojet schnell duerch d'Chamber, wann e sai Sënn soll erfëllen. Duerno soll den Etablissement public mat der Programmation vun den Aktivitéiten, déi an der Concertshal stattfanne sollen, ufänken. Dëst schéngt mer eng gutt Iddi ze sinn, well direkt no der Fäerdegstellung vun der Concertshal en zimlech volle Programm lafe kann.

Wat mer bei der Lecture vum Gesetzesprojet 4731 opfällt an och schonn hei monéiert gouf, ass, datt an enger éischter Zäit de Fonctionnement vun der Concertshal wäert zu engem groussen Deel zu Laaschte vum Statsbudget goen. Dëst schéngt mer awer normal ze sinn. Schliesslech kann esou eng Infrastruktur sech, op d'mannst um Ufank, net selwer finanziell droen. An och spéiderhi kann ech mer virstellen, datt mussen Zouschëss vum Stat kommen. Dat ass net aussergewöhnlech. An all Land vun der Welt gi kulturell Infrastrukture vum Stat ënnerstëtzt.

Ech erënneren drun, datt zum Beispill an Däitschland déi lescht Joren öfters staatlech Zouschëss fir d'Theateren an der Diskussioun waren an ni ofge-

schaaft goufen. Dat ass also normal. An ech fannen, datt mir eis eng Kulturinfrastruktur, déi dësen Numm verdéngt, roueg kënnen eppes kaschte loossen.

Ech wollt dozou awer nach eng Remarque maachen. Et ass nämlech bemierkenswäert, datt déi Leit, déi ëmmer no Kulturförderung jäizen, genau sou jäizen, wann eng Kulturinfrastruktur eppes kaschte soll.

Wa mir also nach eng Kéier hei an der Chamber wäerten op den Etablissement public zrëckkommen, sou wëll ech dach haut schonn op seng Wichtigkeet hiweisen. Schliesslech wäerten déi Responsabel vun dësem Etablissement public ganz vielfälteg Aufgabe kréien. Fir dës Aufgaben ze erfëllen, ass et noutwendeg, datt déi betreffend Leit eng zolidd Erfahrung am Kulturmanagement hunn, datt si déi néideg Kontakter zu de Künstler hunn a fleegen an awer och de richtegen Drot zum Publikum fannen, fir déi Spectaclen op Lëtzebuerg ze bréngen, déi de Public vun der Groussregioun hei erwaart an et erlabe wäerten, dës Public och ze fidéliséieren.

Ech hu schonn e puermol vun der Groussregioun geschwat. Do bestinn haut schonn eng ganz Rei vu kulturellen Infrastrukturen - zu Metz, zu Tréier, zu Saarbrécken an e bëssche méi wäit ewech zu Köln -, déi et bis elo fäerdeg bruecht hunn, fir international renomméiert Künstler ze engagéieren, déi och de Lëtzebuerger Public ugezunn hunn.

Hei stellt sech fir déi Verantwortlech vun der Concertshal zu Lëtzebuerg e ganz groussen Défi. Et wäert sécher schwéier ginn, fir a Konkurrenz zu de bestehenden Infrastrukturen am noen Ausland ze trieden. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt deen, ech soen elo mol, Direkter vum Komplex um Kierchbierg, eng international Renommée huet. Wa mir op dësem Plang wëllen op internationalem Niveau matspillen, dann däerfe mer keng klengkaréiert Léisung fannen, mä da musse mer d'Léisung och op internationalem Plang sichen.

Dëst ass vläicht net d'Positioun vun alle Leit, mä ech fir mäin Deel sinn iwwerzeegt, datt dëst deen eenzege Wee ass, Mme Minister. Nëmme eng kulturell Infrastruktur, déi en absolut internationalen Niveau ubitt, kann en zousätzlechen Attrait fir Lëtzebuerg sinn an och Leit heihinner bréngen.

Här President, erlaabt mer, nach e puer Wieder zum Gebai selwer ze soen. D'Concertshal, déi no engem Plang vum Christian de Portzamparc gebaut gëtt, integréiert sech an dee kulturelle Site um Plateau vum Kierchbierg. Zesumme mam Musée d'Art moderne a mam Festungsmusée entsteet do e kulturellt Kleinod, dat, wann et mol bis fäerdeg ass, sécherlech ganz vill Leit usprieche wäert. Iwwregens, d'Maquette vum Plateau fannt Der ënnen an der Entrée vun der Chamber.

D'Concertshal selwer huet e groussen Auditoire vun - wéi scho gesot - maximal 1.500 Plazen an e Sall fir Musique de chambre, an deem maximal 300 Leit Plaz hunn. Dës méi kleng Sall wäert och als Proufsall fir den OPL benotzt ginn. Nieft dësen zwee Säll gëtt et nach e Sall „de musique électro-acoustique“, an deem kann experimentéiert an och Opnahme kënnen gemaach ginn.

E ganz wichtige Punkt, wann net souguer deen allerwichtigste bei enger Concertshal, ass natierlech d'Akustik. Hei gouf ee vun de gréisste Spezialiste consultéiert, fir déi beschtméiglech Léisung ze garantéieren an domadder de Musikgenoss vollkommen ze maachen. Mer hoffe just - well d'Akustik ass keng Wëssenschaft; et ass eng Konscht -, datt déi gutt Akustik deenen zoustännege Spezialisten och geléngt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach op den Avis vum Statsrot agoen, deen ervirgehuewen huet, datt keng Parkinge virgesi wäeren. Dofir misst den öffentlechen Transport effikass organiséiert ginn. Abstraction faite datt dee muss gutt organiséiert ginn, gëtt awer no den Aussoe vum Bauministère e grouse Parking um Kierchbierg gebaut, an deem 750 Plaze fir de Public vun der Concertshal reservéiert sinn. Fir d'Personal vun der Concertshal, d'Visiteuren an dem Personal vun de Muséeën an dem Personal vum neie Konferenzzentrum gëtt en zweete Parking gebaut. Deene méi techneschen Remarque vum Statsrot huet d'Kommissioun iwwregens Rechnung gedroen.

Ech kommen zum Schluss vu menger Ried. De Gesetzesprojet fir de Bau vun enger Concertshal kann also elo gestëmmt ginn. Hie wäert dem Land eng kulturell Infrastruktur vu ganz héijem Standard bréngen, déi d'kulturell Offer kann op en Niveau bréngen, dee mir bis elo net kannt hunn. Dëst ass sécherlech eng positiv Entwécklung fir Lëtzebuerg, an et bleift ze hoffen, datt vill Leit vun dëser Infrastruktur wäerte profitéieren.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Projet 4685 iwwert de Bau vun enger Concertshal um Kierchbierg och eréischt am Juli déposéiert ginn, sou ass dat net e Projet, dee keng Virgeschicht huet.

Zënter dass RTL sech kee Radiosorchester méi wollt leeschten an, spéider, zënter der Schafung vum Orchestre philharmonique de Luxembourg stoung de Bau vun engem Sall fir d'Philharmonie am Raum, well en Orchester ouni déi néideg Infrastrukturen ass jo net denkbar. Et ass also unzuhuelen, dass géint de

Prinzip vum Bau vum Concertssall keen heibannen eppes anzuwenden huet, et sief, hie wier och géint den Orchester.

D'Wichtigkeet vum Bau vum Concertssall am Interesse vun eiser Kultur fënnt och säin Nidderschlag an der Regierungserklärung vum 12. August 1999. Als Site fir de Bau vum neie Concertssall ass d'Place de l'Europe zréckbehale ginn, dat nodeem den Architect Riccardo Bofil e Konzept fir d'Neigestaltung vun der Place de l'Europe ausgeschafft hat. Mam Bau vum Musée d'Art moderne an dem Musée de la Forteresse ergëtt sech zesumme mam Concertssall eng eemoleg Symbios vu verschiddene Beräicher aus der Kultur, déi duerch d'Qualitéit vun der Architektur vun deene verschiddene Gebaier a vun den Inhalter hier en Unzéiungspunkt *par excellence* duerstellen, dee mathëlleft, dese bis elo rouegen administrative Quartier ze beliewen an en zum Kulturzentrum net nëmme vum Kierchbiere, mä vum Land an doriwwer eraus vun der Groussregioun ze maachen.

En dréit net nëmme zur kultureller Beräicherung bái, mä wäert och am Beräich vum Tourismus, fir Restauratioun an Hôtellerie, positiv Auswierkunge fir d'Stad Lëtzebuerg an d'Ëmgegengend hunn. De Concertssall ass d'Wierk vum Paräisser Architect Christian de Portzamparc, deen op Grond vun engem „Concours international restreint d'architectes“ den éischte Präis kritt huet. Dese Concours, un deem nieft Lëtzebuerger Architektbüroer ganz grouss auslännesch unerkannten Architekten deelgeholl hunn, stoung vun der Architektur hier op engem ganz héijen Niveau.

Ervirzehiewen ass, datt och eis Architektbüroer op deem Niveau mathale konnten. Sou haten d'Architektbüroer Herr an Hermann et Valentiny en ausgezeichneten drëtte Präis kritt. D'Konzeptioun vum Portzamparc sengem Projet ass esou, dass en an déi rigid bestoend Strukture vun der Place de l'Europe geschwonge Linnen erabréngt. D'Form vum Gebai ass ze vergläiche mat enger Sonnenellips, déi vun enger imposanter Sailestruktur gedroen ass, eng Sailestruktur, déi am Dag d'Liicht no bannen an an der Nuecht no bausse filtréiert.

Déi harmonesch geschwonge Forme vum Projet spigelen d'Philosophie vum Portzamparc erëm, deen d'Rhythmik an d'Harmonie vun der Musik gläichsetzt mat der Metrik an de Proportiounen vu senger Architektur.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Nicolas Strotz (CSV).** - Hie faasst seng Architektur op wéi d'Musik, déi ëmmer a Bewegung ass.

Bannendra sinn d'Raim méi einfach gestalt, an de grouss Sall soll den Androck vun enger grousser Plaz erëm ginn, déi vun Haiser ëmginn ass. Dës Konture mussen awer esou gestalt ginn, dass eng éischtklasseg Akustik garantéiert ass. Fir deem gerecht ze ginn, ass scho bei der Planung e Spezialist vun der Akustik als

Beroder mat erugezu ginn, deen och weider beim Bau d'Responsabilitéit an deem Beräich huet.

De Christian de Portzamparc ass als Architect an der Musikswelt keen Onbekannten. Huet hien dach schonn zu Paräis d'Cité de la Musique an de Conservatoire Erik Satie an zu Nanterre d'Ecole de Danse de l'Opéra de Paris realiséiert.

De Rapporteur, de Kollege Willy Bourg, ass souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport am Detail op déi wichtegst Elementer vum Projet agaangen, woufir ech him am Numm vun der CSV-Fraktioun merci soen. Nieft sengem Exposé hu mer awer och beim Projet de loi, deen nëmme aus engem oder zwee Artikelen besteet, e ganz expliziten Exposé des motifs derbäi leien, wou am Detail souwuel den Inhalt vum Projet wéi och déi eenzel Detailler iwwert d'Exekutioun ausféierlech beschriwwen ginn. Et mécht also kee Sënn, dat elo alles am Detail ze widderhuelen.

Erlaabt mer awer, e puer Bemerkungen ze maachen. Nieft der Philharmonie, déi selbstverständlech éischt Prioritéit am neie Gebai wäert hunn, wäerten eng ganz Rei vun anere musikaaleschen Aktivitéiten am Gebai stattfannen. Concerten a Musikdarbietunge vun allen Zorte solle souwuel de Lëtzebuerger Public wéi och de Public aus dem Ausland unzéien an doriwwer eraus och fidéliséieren.

D'Vocatioun vun der Concertshal geet awer iwwert d'Grenzregioun eraus. Et soll wierklech e Pôle d'attraction ginn, deen och Visiteure vu méi wäit hier unzitt. Nieft kulturellen Aktivitéiten kënnen am neie Gebai awer och Kongresser an ähnlech Manifestatiounen stattfannen.

Fir dee ganze Planning vun den Aktivitéiten an der Concertshal ze maachen, wäert den Etablissement public zoustänneg sinn. Hien ass och schonn an der Bauphas gefuerdert, fir de Bauhär, also de Stat, ze beroden. D'Missioun vun deem Etablissement ass och schonn am Exposé des motifs ugedeit, a mir hunn deen och am Kader vun der Analys vum Projet mat diskutéiert.

Och wann de Rapporteur scho kuerz op de Projet vum Etablissement public agaangen ass, sou wëll ech dach nach eng Kéier kuerz op déi Polemik zréckkommen, déi mer en Dönschdeg hei haten, wéi den Här Bausch probéiert huet, de Projet erëm vum Ordre du jour ze kréien, well dee Projet iwwert den Etablissement public nach net diskutéiert war.

Mir haten och an der Kommissioun vun den öffentliche Baute festgehalten, datt mer de Projet iwwert de Bau vun der Concertshal eréischt géifen op den Ordre du jour vun der Chamber bréngen, wann de Projet iwwert den Etablissement public géif virleien an och schonn eng Kéier vun der Kommissioun analyséiert gi wär. Dës hu mir haut de Moie gemaach. Déi Ofmaachung, déi mir agange waren, hu mer also agehalen.

Ech wëll awer hei drop hiweisen, datt mer an enger Motioun bei Geleeënheet vum Projet vum Bau iwwert de Sportzentrum gesot haten: „Si possible“ soll an Zukunft de Projet vum Etablissement beim Projet bäileien. Ech mengen, hei huet d'Mme Minister hiert Méiglechst gemaach, fir datt dat och soll geschéien. Viru gutt dräi Wochen ass de Projet duerch de Regierungsrat gaangen, a wann dee prozedurale Wee sou grouss ass, dass en eréischt virun e puer Deeg konnt déposéiert ginn, da kënne mer hir dofir kee Virwurf maachen.

Mir sinn der Meenung, nodeems mer de Projet de Moien diskutéiert hunn a kee Problem dermat haten, datt och hei net onbedéngt iwwert dee Problem grouss soll diskutéiert ginn, mä datt mer déi Diskussioun sollten der Kulturkommissioun iwwerloossen, déi zu gegebener Zäit, nodeem de Statsrat säin Avis ofginn huet, dat hei kann diskutéieren.

De Käschtepunkt vun dësem Projet gesäit e Montant vun 3.150 Milliounen Frang oder 78 Milliounen Euro vir. Dëst ass selbstverständlech ouni déi Méikäschten, déi duerch d'Evolution vum Index entstinn, e stattleche Präis, mä wann een d'Restauratioun vum Theater kuckt, déi 2,5 Milliarde wäert kaschten, schéngt dee Chiffer vun 3.150 Milliounen raisonnabel. Dëst ass also sécher keen iwwerdriwwene Präis fir eng Infrastruktur vun dësem Niveau, déi et erlaabt, eng Musikqualitéit hei zu Lëtzebuerg ze kréien, déi bis elo net méiglech war.

Natierlech kann ee soen, datt dat Geld och fir aner Infrastrukturen hätt kënne gebraucht ginn, an ech héieren elo scho verschidde Leit vu Fleegeinfrastrukturen, Altersheimer oder medezineschen Infrastrukturen schwätzen. Mä d'Liewensqualitéit moosst sech net nëmmen un den Infrastrukturen. D'Liewensqualitéit an engem Land ass och ofhängeg vun zum Beispill uerdentleche Kulturinfrastrukturen. A wann d'finanziell Lag vun engem Land et erlaabt, soll och an dës Infrastrukturen investéiert ginn. Et kann een net d'Gesondheet an d'Kultur géinteneen opweien. Béides ass wichteg an noutwendeg. Deen, deen dem Här Budgetminister gëschter hei nogelauschtert huet, konnt héieren, datt am Investitiounsprogramm vun der Regierung souwuel déi eng wéi och déi aner Projekte virgesi sinn.

A sengem Avis huet de Statsrat och op de Problem vum Parking opmierksam gemaach. Wann et richteg ass, datt d'Concertshal selwer net iwwer e Parking verfügt, sou mengen ech, dass déi viséiert Léisung vun engem groussen Parking - 2.300 Plazen -, deen ënnert der jëtzege Autobunn gebaut gëtt an an deem och d'Visiteure vun der Concertshal Plaz fannen - 750 Plaze ginn do reservéiert -, richtungsweisend ass. Et muss jo net all Gebai säin eegene Parking hunn. Wann doriwwer eraus den öffentliche Transport effikass agesat gëtt, gesinn ech kee Problem a puncto Parking. Am Ausland funktionéiert dat schliesslech och. Do gëllt souguer a verschiddene Stied den Entréesbilljee

als Transportschäin. Ech mengen, dat wär hei zu Lëtzebuerg och méiglech.

Här President, erlaabt mer, nach kuerz op e puer technesch Detailer anzegoen iwwert d'Heizung an d'Klimaanlag.

Um Plang vun der Heizung gëtt de System vun der Cogénératioun ugewannt an un déi zentral Cogénératiouns-anlag vum Kierchbierg ugeschloss.

Grousse Wäert gëtt och op d'Isolatioun geluegt, fir ze vermeiden, dass zevill Wäermt no baussen entwäicht. Des Weidere gëtt bei der Ventilatioun, woumat all d'Raim équipéert sinn, eng Réckgewinnung vun der Wäermt gemaach.

D'Klimatisatioun ass och un e städtesche Réseau ugeschloss, dem Réseau urbain de fourniture en eau glacée. All Sall huet eng eege Klimaanlag, sou dass d'Klimatisatioun individuell gesteuert ka ginn.

Här President, ech kéint natierlech elo nach vill aner Detailer opzielen, mä et mécht kee Sënn, hei den Exposé des motifs ze répétéieren, wou Der all Detailer dra fannt.

Dofir wëll ech mech dem Rapporteur uschleissen an de Bau vun dëser Concertshal begrëssen an hoffen, dass dës Infrastruktur dee Succès wäert hunn, deen hir zousteet.

Zum Schluss wëll ech den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen, an ech hoffen, dass fir déi nächst Lëtzebuerger Présidence am Joer 2005 dës Projet fäerdeg gestallt ass.

Ofschleissend wëll ech nach soen, dass mer selbstverständlech och mussen e Projet, dee mer schonn hei gestëmmt hunn, an zwar dee vun der Rockhal vun Esch/Belval, deen awer deemools nach mat Problemer befaange war, schnellstens realiséieren, an ech géif d'Mme Minister bide virzespriechen, fir dass d'Viraussetzung geschafe ginn, fir dass och dës Problem schnellstens geléist ka ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot (LSAP).-** Här President, e Projet vun dëser Wichtigkeet, och wat d'Héicht vun den Ausgaben ugeet, wéi och d'Tragweid vun der Démarche, verlaangt selbstverständlech eng intelligent Perceptioun vun deem, wat dës Concertsall bedeit. Et ass an der Lëtzebuerger Kulturpolitik nom Musée Pei déi éischt grouss national Investitioun, wann ech kucken, dass alles, wat mer um kulturelle Plang an der Stad hunn, wéi z. B. de groussen Theater, de Kapuzinertheater, de Conservatoire, wat soss nach an der Haaptstad ass, städtesche Charakter huet.

Et soll ee gebührend ënnersträichen, dass de Stat sech och elo dozou bequeemt, fir national Kulturin-

frankturen ze schafen. Nodeem dass mer jo fir d'éischt emol eng grouss national Sportsinfrastruktur geschafft hunn, komme mer dann elo zu der Kulturinfrastruktur.

Mir wësse jo, dass de Pei-Musée amgaangen ass, gebaut ze ginn. Mir wëssen, dass Lëtzebuerg insgesamt, wat grouss kulturell Infrastrukturen ugeet, defavoriséiert ass.

Et dierf een awer net mengen, dass e schéinen, awer elo einstweilen nach eidele Bau automatesch géif d'Kulturlieden zu Lëtzebuerg op den Niveau vun de groussen Metropolen erophiewen.

De Lëtzebuerger Stat an d'Lëtzebuerger Kollektivitéit hunn an deene leschten 10, 20 Joer gewësse Fortschreitter an hirer Perception vun der Kultur gemaach. Ech muss allerdéngs soen, dass ech e bëssen ameséiert war, am Exposé des motifs d'Beméien ze gesinn, dass eis Standuertpolitik als Lëtzebuerg mat hei erabruecht gëtt. Nach ëmmer gesinn eng Partie Leit Kultur als eppes Elitäres an als eppes, wat Suen erabrénge kann, wéi éischter eng geeschteg Dimensionsum vun Liewe vun de Leit alleguer. Dat erkläert och déi penibel Diskussionsum - den Här Strotz huet schonn drop higewisen -, déi kulturell Ausgaben automatesch als „dépenses somptuaires“, also eigentlech als eppes Iwwerflësseg erschéngen a se dann zum Beispill géint Flegebetter opweien ze loossen.

Ech muss an deem Zesummenhank, Här Garcia, och bedauern, dass d'Kulturkommissioun vun der Chamber eréischt de Moien um 8.30 Auer ageruff ginn ass, nodeem de Rapport vun der Commission des Travaux publics...

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Loosst den Här Fayot schwätzen. Déi aner sollen nolauschteren. Et huet jo jiddereen d'Geleeënheet, sech nach ze äusseren.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- ...de 26. Oktober ugeholl gi war, e kuriose Virgang, wann ee bedenkt, dass de Projet haut de Mëtteg géif diskutéiert ginn, wou awer och an deem excellente Rapport vun Här Bourg 9/10 eigentlech mat Kulturpolitik ze dinn hunn. Ech hoffen, dass de Projet iwwert den Etablissement public fir dëse Concertsall dann awer de Wee an d'Kulturkommissioun fënnt, well déi Kommissioun ass souwuel dofir zoustänneg wéi och fir 9/10 vun deem Projet hei.

Ech weess, d'Kollege vun der Commission des Travaux publics si jo ganz pingeleeg, wat hir Kompetenzen ugeet. Ech mengen, da muss se och erlaben, dass d'Kulturkommissioun sech ëm déi Saache bekëmmert, déi se un éischter Plaz uginn, an ech bieden d'Conférence des Présidents och, an Zukunft en A dorop ze hunn.

Dat gesot, Här President, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun drun erënneren, dass mer ënnert der

viregter Regierung dëse Projet matbestëmmt an duerno bejot hunn. Et war eng vun den éischte politeschen Aktiounen vun där deemoleger neier Kulturministerin an der Regierung. Mir hunn och deemools drop insitéiert, dass de Concertsall multifunktionell soll sinn, dat heescht dass Musiklieden a -schaffen insgesamt sech dra kéinten entwéckelen.

Doriwwer eraus wëll ech och drop hiweisen, dass et an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg wichteg ass, eis Kräfte ze bündelen. De Publikum ass souwiesou an normalen Zäite beschränkt. E puer Dausend Leit ginn a Concerten, Ballet, Oper. A wat ech och wëll ënnersträichen, dat ass, dass d'Stad mat hirem groussen Theater, dee jo och eng relativ staark prononcéiert musikalesch Vocation an de leschte Joren hat, deem 200-300 Meter vum Concertsall ewech ass, an deem neien Etablissement public sech ënnerenee verstoe sollen, fir Konkurrenz ze vermeiden, a sech koordinéieren sollen.

Här President, mam Bau hu sech ganz berühmt Architekten ofginn. Den Här Ricardo Bofil huet en urbanistesche Konzept fir d'Place de l'Europe duergeluegt. Ech hunn am Exposé des motifs esou e schéine Saz fonnt, deem ech hei wëll zitieren, well en ass wierklech flott, well normalerweis en Exposé des motifs ëmmer ganz dréchen, e bësse Fonctionnaires-franséisch ass. Dat hei ass e bëssen extra: „La Place de l'Europe recèle un potentiel exceptionnel, à la fois porte fluide et symbolique d'une transition douce et belvédère naturel“.

Ech mengen, an där Optik ass et jo geduecht, dass de Concertsall mam Musée an deem dréchene Bürosquartier vum Kierchbierg e bësse Safft a Kraaft vun der Kultur erabrénge soll.

Ech froe mech eigentlech, Här President, wéi dat zäitlech oflaffe soll. Et ass elo hei just gesot ginn, dass dat alles soll bis zur nächster Présidence fäerdeg sinn. Mir sinn elo Enn 2000. An den nächste Jore gi jo net nëmmen de Concertsall an déi zwee Parkingen op där Plaz do gebaut, mä soll de Konferenzcenter doniewent ausgebaut an och de Bâtiment Tour sanéiert a vu Grond op renovéiert ginn. Dat gëtt en onheemlecht Gewulls, wann ee bedenkt, dass dann och nach ëm déi 2.000 Leit an där Noperschaft schaffen. Ech wier nawell interesséiert, vun der Mme Minister ze héieren, wéi der Verwaltung hiren Timing ausgesäit, wéi dat alles anenee passt, wéini dass si mengt, dass mer dat alles kéinten ofschléissen, ob dat dann esou ass, wéi dat hei vum Här Strotz gehofft ginn ass.

Wat dat architektonescht Konzept ugeet, wëll ech och erëm eng Kéier där poetescher Prosa vum Här Portzamparc selwer am Exposé des motifs näischt bäifügen. Ech begreissen et awer hei ausdrécklech, dass e groussen Architekt de Concours gewonnen huet, an ech sinn och iwwerzeegt, dass et e schéine Bau gëtt, vläicht ee vun deene schéinsten, dee mer dann zu Lëtzebuerg wäerten hunn. Ech sinn och iwwerzeegt,

dass et wichteg fir eng Hauptstadt ass, fir esou eng Architektur ze dévelloppéieren, eng Hauptstadt, déi allze laang, Här President, hir eegen architektonesch Substanz zerstéiert an duerch eng zimlech utilitaire Architektur ersat huet.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Et ass gutt, dass mer um Kierchbiereg méi Courage haten an der Architektur wéi op anere Plazen.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Dat ass richtig.

Wat de finanziellen Aspekt ugeet, sou datéiert den Avis estimatif vun 3,1 Milliarde vum 17. Mee 2000. Mir sinn elo bal Mëtt Dezember.

D'Baukonjunktur zu Lëtzebuerg ass staark iwwerhëtzt. D'Präisser klamme schnell, an d'Fachleit soen Iech, dass d'Präisser bis zu 20 % an engem Joer augmentéiert hunn. Dofir hunn ech perséinlech d'Gefill, dass den Devis fir esou e komplizéierte Bau staark ze niddreg ugesat ass. Dofir bedauern ech, dass deen Devis fir dee Projet esou laang dauert, also siwe Méint do läit, an héchstwahrscheinlech och nach uganks dës Joers opgestallt ginn ass, bis e fäerdeg war. Dat heescht, mir sinn ee Joer hannendra mam Devis. Dofir géif ech wierklech d'Regierung warnen, eis mat Zäit ze soen, wéini deen Devis reaktualiséiert gëtt.

Wat d'Gestioun ugeet, esou steet am Exposé des motifs „une gestion administrative“, an hei gëtt dat relativ prezis an ausféierlech beschriwwen. A wann ech kucken, wat doranner steet, déi eigentlech Gestioun fir d'Programmation fir déi ganz Extension, dat heescht d'Produktion vum CDen, vum CD-Rom, d'Utilisation vu Medias électroniques de communication, niewent der eigentlecher musikalischer Aktivitéit, da soen ech mer, dass dat do eng Gestion administrative gëtt, déi extrem dévelloppéiert muss ginn.

Dat heescht also, dass mer hei net nëmmen eng Partie Employée wäerte kréien, fir déi courant Bürosaarbechten ze maachen, dass mer natierlech eng Partie Techniker brauchen, fir déi héichdévelloppéiert Technik ze warten, mä dass mer héchstwahrscheinlech och eng Partie Spezialiste vum Kulturmanagement brauchen - an och vun der Kulturextension -, fir dat do ze féieren. Dat gëtt menger Ansicht no eng ganz nei Dimensions vum der kultureller Gestioun, an dofir wier et vläicht interessant, vun der Mme Minister ze héieren, wivill Leit dann do virgesi sinn.

*(Interruptions diverses)*

D'accord, mä haut de Mëtteg ass eng Séance publique. Déi Donnéeën do, Mme Minister, stinn net am Exposé des motifs. Si stinn och net am Rapport vun der Commission compétente, an dofir stellen ech déi Froen hei an der öffentlecher Sëtzung.

Ech mengen also, et wier eng normal Saach, dass en Deputéierten hei freet, wann eng Gestion administrative duergestallt gëtt, wivill Leit dass dann dorobber

passen. Menger Ansicht no gëtt dat do eng relativ grouss Administratioun, an et wier interessant ze héieren, wivill dass dat der sinn.

En aneren Aspekt, Här President, ass dee vun der Exploitation. Mir begreifen, dass d'Exploitation vum Sall d'Form vun engem Etablissement public kritt, dat heescht dass et also net eng Verwaltung an och net eng Aktiëgesellschaft ass, eng Privatisatioun. Et schéngt eis wichteg ze sinn, dass de Stat dobäi seng Responsabilitéit behält. Mir hunn dat sengerzäit ëmmer gefrot, well mer net wëllen, dass de Stat sech aus der Kulturpolitik zu Gonschte vun enger Privatgesellschaft erauszitt.

Mir mengen och, dass de Conseil d'administration vun dësem Etablissement public en anere muss si wéi dee vum OPL, well mer jo wëllen, wéi et och am Exposé des motifs steet, dass dee Concertssall wuel de Siège an d'Aktivitéitsplaz vum OPL soll ginn, mä dass awer och nach aner Activités musicales do kënnen stattfannen. Mir wëssen, dass et ganz liicht emol zu Konflikter tëschen verschidde kulturellen Acteure ka kommen, an dofir si mir der Meenung, dass de Conseil d'administration vum Etablissement public soll en anere si wéi dee vum OPL.

Mir sinn der Meenung, dass dee Concertssall dem Land eng ganz héichstehend musikalesch Kultur ka bréngen, déi esou divers wéi nëmme méiglech soll sinn.

Mir begreifen och, dass domat den Orchestre philharmonique en Heem kritt, anstänneg Aarbechtskonditionen an och eng Méiglechkeet, fir seng Klass a seng Qualitéit engem groussen Publikum virzeféieren.

Mir begreifen och, dass de Kierchbiereg mat dësem Concertssall wéi och mat dem Musée, besonnesch owes, beliebt gëtt.

Mir begreifen och d'Beräicherung vun der Architektur vu Lëtzebuerg. A wann et soll réusséieren, dass mer eis wierklech méi international domat dévelloppéieren, ass dat och nach eng gutt Saach. Mir bedauern allerdéngs, dass et net ausgesäit, wéi wa mer dës öffentlech Infrastrukture mat enger performanter öffentlecher Transportinfrastruktur kéinte verbannen, zu alle Säite vun der Stad hin. Et gëtt eis wuel gesot, dass honnerte vu Parkplazen zur Verfügung stinn, mä ech mengen, et ass haut wichteg, dass een och den öffentlechen Transport dora considéiert, wann een esou eng Infrastruktur baut.

*(M. Willy Bourgeois prend la Présidence)*

Dat gesot, wëll ech den Accord vu menger Fraktion fir eng Infrastruktur bréngen, déi mir an der viregter Regierung scho matgedroen hunn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här John Schummer.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo mat grousser Opmierksamkeet dem Här Fayot seng Sonndesried iwwert d’Kultur nogelauschtert. Ech muss awer feststellen, dass en am falsche Film ass. Mir diskutéieren haut de Bauprojet 4685 an net de Projet iwwert de Fonctionnement. Dat ass de 4731.

An ech muss dem Här Fayot soen: Wa seng Fakultéit vun der LSAP de Mueren an der Kommissioun gewiescht wär, wou zwou Kommissiounen zesumme waren, d’Bautekommissioun an d’Kulturkommissioun, wou weder ee vun der Bautekommissioun vun der LSAP do war, nach ee vun der Kulturkommissioun, dann hätt en all déi Froen elo net brauchen ze stellen. D’Kommissioun war véiermol zesummen, an zweemol war kee Sozialist do.

**M. le Président.**- Här Schummer, erlaabt Der eng Fro vum Här Fayot?

*(Assentiment)*

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech muss soen, ech fannen dat do e staarkt Stéck. Déi Kulturkommissioun ass de 5. Dezember, also fir haut de Mueren 8.30 Auer ageruff ginn, nodeem dass d’Kommissioun vun den Travaux publics hire Rapport scho laang fäerdeg hat. A wann d’Kulturkommissioun iergendwéi méi wéi en Alibi soll sinn, dann hätt se zu därselwechter Zäit sech misse mat deem Projet befaassen. D’Majoritéit wollt dat net, si huet dat net gemaach, an dat ass de Punkt, Här Schummer.

A wann Dir dem Här Strotz gutt nogelauschtert hutt, Här Schummer, dann hutt Dir gehéiert, dass den Här Strotz eng ganz Partie Saache gesot huet, vun deenen Dir näischt wëllt wësse bei dësem Projet.

**M. le Président.**- Här Fayot, dat do war zwar keng Fro un den Här Schummer, mä mir loossen et duerchgoen.

Här Schummer, Dir hutt d’Wuert, an déi aner si gebieden nozelauschteren.

**Des voix.**- Fait personnel.

**M. John Schummer (DP).**- Neen, et huet guer näischt mat Fait personnel ze dinn, mä ech constatéieren nach eng Kéier: Wa mer d’Kommissioun zesummeruffen, an et muss kuerzfristeg gemaach ginn, wat gemaach ginn ass, da si se net do. Wa mer se net zesummeruffen, hätt se gebläert, se wär net zesummeruff ginn. Dir musst Iech emol an Ärem Klippchen eens ginn, wat Dir wëllt.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Firwat muss dat da kuerzfristeg sinn?

**M. le Président.**- Här Schummer, Dir hutt d’Wuert.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. John Schummer (DP).**- Well de Projet eréischt...

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Ass dat dann eng seriö Aarbecht fir e Projet vun 3 Milliarden?

**M. le Président.**- Här Fayot, den Här Schummer huet d’Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här Schummer, Dir gesitt alles duerch e bloe Brëll.

**M. John Schummer (DP).**- Här Di Bartolomeo, duerch e bloe Brëll gesäit een ebe besser. Dir misst en och heiansdo undoen, awer et wär méi wichteg, Dir géift heiansdo kommen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Nach zevill oft fir Iech.

**M. le Président.**- Här Schummer, Dir hutt d’Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischter Stell, dem honorablen Här Willy Bourg fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci ze soen.

Beim Projet de loi, deen haut zur Diskussioun steet, handelt et sech ouni Zweifel ëm e Projet, deen eis kulturell Landschaft hei zu Lëtzebuerg, mä awer och an der Groussregioun beräichere wäert. D’Concertshal oder, besser gesot, de Concertssall, deen um Kierchbiërg gebaut soll ginn, entsprécht enger reeller Demande vum Public, mä awer och vun de Musiker.

Wann ee weess, dass haut méi wéi 10.000 Schüler an deene verschiddene Musikschoulen a Conservatoires, déi mer hei am Land hunn, ageschriwwen sinn, dann ass et wierklech net vu Muttwëll, dëser Nofro nozekommen.

Weiderhi musse mer zur Kenntnis huelen - an ech mengen, mir sinn och all hougereg dorobber -, dass mer en Orchestre philharmonique hunn, deen eng international Renommée genéisst, mä e gudden Orchester brauch och déi néideg Infrastrukturen, fir dass dat, wat e produzéiert, och richteg zur Geltung ka kommen.

Mir wëssen alleguer, dass de Stater Conservatoire, dee praktesch déi eenzeg Plaz ass hei zu Lëtzebuerg, wou déi néideg akustesche Konditiounen erfëllt sinn, net méi genuch Plaz huet fir en interesséierte Public, deen ëmmer méi zahlreich gëtt. Ausserdeem muss ee soen, dass ee gréisser Organisatiounen net do maache kann, well d’Zuel vun de Sëtzplazen esou kleng ass, dass de finanziellen Opwand net méi méiglech ass.

Och muss den Orchestre philharmonique kënnen an adequate Raimlechkeete seng Prouwen ofhalen. De Komplex vun der Concertshal gesäit dofir, niewent deem groussen Concertssall, méi e klengen Sall vir fir Musique de chambre. Weiderhi steet och e Sall zur Verfügung, fir Enregistrementen ze maachen.



En Orchester, deen évoluëiere wëllt, brauch awer och déi néideg Infrastrukturen, fir zum Beispill international Coproduktiounen mat aneren Orchesteren ze realiséieren. Et ass kloer, dass dat bis elo nëmme begrenzt de Fall konnt sinn. Deen neie Concertssall wäert et awer elo erméiglechen, och méi ambitiéis Projeten unzuegoen an ze realiséieren.

Et ass ze wënschen, dass d'Collaboratioun mat deenen anere Concertssäll an der Groussregioun weider gesicht gëtt. Dobäi soll een awer versichen, och nei Weeër ze goen, fir an enger gewësser Hisiicht eng Alternativ zu de Concertssäll aus der Groussregioun ze bidden. Dat wäert d'Aufgab vun de Gestionnaire vum deem Concertssall ginn. An deem Kontext ass jo virgesinn, dass en autonomen Organismus, ënnert der Form vun engem Etablissement public, d'Gestioun vun der Concertshal iwwerhëlt. D'Mme Minister huet dofir net méi spët wéi d'lescht Woch e Projet de loi an der Chamber déposiert, deen deen Etablissement public virgesäit.

Effektiv ass et wichteg, dass bei esou Projekte wéi deem vun der Concertshal Etablissements publics d'Gestioun iwwerhuelen. Ech begreissen et och, dass d'Mme Minister eis dee Projet de loi haut de Mueren an enger Réunion jointe vun der Commission des Travaux publics an der Commission de l'Enseignement supérieur et de la Culture virgestallt huet, esou wéi si dat och bei der Virstellung vun der Concertshal an der Commission des Travaux publics versprochen hat.

Ech hunn elo just gesot, dass deen neie Concertssall eng Alternativ zu deenen anere Concertssäll aus der Groussregioun bidde soll a muss. Dat heescht, dass niewent der klassischer Musik och aner Musikrichtungen opgefëiert solle ginn.

De Concertssall soll e Lieu de rencontre ginn, wou sech all méiglech Kulture begéine sollen, a mir wësse jo, dass d'Musik eent vun de Medien ass, dat d'Mënschen am meeschte matenanner verbënnt.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass eist Land, dat am Zentrum vun Europa läit a wierklech de liewege Bewäis ass fir e räicht interkulturellt Liewen, wou Mënsche vun deene verschiddensten Horizonter matenanner liewen, der Musik eng gebührend Plaz verschaaft.

De Fait, dass deen neie Concertssall op der Place de l'Europe entstoe soll, op enger Plaz, wou europäesch Institutiounen doheem sinn, huet e symbolesche Charakter. Dëse Projet wäert vun der Demokratescher Partei d'Zoustëmmung kréien.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Greisen.

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet léisst d'Regierung um Kierchberg eng Concertshal baue fir 1.500 Plazen, déi niewent engem groussen Auditorium

nach aner Raimlechkeete fir d'Opféieren an d'Prouwe vu Musik bereetstellt.

De Bau selwer ass hei schon am Detail virgestallt ginn. Ech brauch dat dofir net nach eng Kéier ze maachen a verweisen op déi detailléiert Beschreibung am Gesetzesprojet.

Mir begreissen déi gutt motivéiert an detailléiert Ausféierung, déi souwuel am Projet de loi vum Bau wéi an deem vum Etablissement public beschriwwen ass, inklusiv där detailléierter Beschreibung vun der Musikszeen.

Ech wëll dofir all deene merci soen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, an och de Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport aschleissen.

A wann dat hei dann e Cadeau vum Kleesche sollt sinn, esou muss ech awer soen, dass an dësem Fall ech net dru gleewen, well hei muss de Steierzueler alles blechen, a Villes ass net an der Rei bei der Prozedur, beim Plangen a Bedreiwe vun dësem Bau.

Et fällt eis, aus enger Rei vun Ursaachen, net liicht, der Regierung einfach gréngt Liicht ze ginn, net nëmme weinst dem héije Käschtepunkt, där komplizierter Lag, de feelende Parkplazen, mä virun allem weinst där ëmmer nach onsécherer Kalkulatioun vun de Käschten, déi fir d'Exploitatioun op eis zoukommen. Dëst war och d'Ursach, firwat mir déi Motioun mat ënnerstëtzt hunn, déi gefrot huet, dëse Projet esou laang zréckzesetzen, bis d'Regierung eis eng Iwwersiicht virgeluegt huet iwwert d'Käschten an d'Einnahmen, déi ze erwaarde sinn. Dorop wëll ech nach zréckkommen.

Wat de künstlereschen Inhalt, d'Organisatioun an d'Betriebswirtschaft vum Ganzen ubelaangt, huet d'Regierung bis elo wéineg Informatiounen ginn. A bis haut de Mueren hate mir keng Virstellung iwwert den Etablissement public, deen zoustänneg sollt si fir de Betrib.

Wichteg fir eis ass op alle Fall, dass Prioritéiten virgesi sinn an dësem Projet fir d'Diversificatioun vun alle Musiksrichtungen, Musikrichtungen, ënnerschiddlechen Opféierungen. Wichteg ass och, dass virgesinn ass, Musikantegruppen oprieden ze loossen, déi jonk Leit interesséieren, an och, fir der Ausbildung vu jugendleche Musikante Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Mir fannen, dass dat méi wichteg ass wéi de Firmesponsoring, dee vu Vertrieber vun der DP genannt ginn ass, well dat kënnt haaptsächlech den Entrepreneuren hiren décke Clienten zegutt.

Ofgesi vun deem kuerzen Délai tëschent dem Dépôt vum Gesetz am Juli bis elo zum Vote ass awer trotzdeem zimlech geplempert gi mat der Zäit. Dat gouf ëmmer erëm vu menge Virriedner bemängelt. Zulescht gouf, wéi ëmmer, gedréngelt. A wann een dann noliest, wéi wichteg dëse Projet fir Lëtzebuerg

ass, an den Ae vun der Regierung, an dass och d'Suen do sinn, da versteet een déi ganz Virgehensweis net ganz. Ech wëll drun erënneren, dass den Architektenconcours schonn 1996 décidéiert ginn ass. Dat war viru 4 Joer, an elo krute mer a leschter Minutt, haut de Mueren, der Regierung hir Virstellung zum Bedreiwe vun der Hal erkläert.

Och wann eis Mme Minister dofir de System verantwortlech mécht, fir de Retard ze entschëllegen, esou muss ech dach soen, dass hir Partei dach dëse System a laangjäereger Regierungsverantwortung opgebaut huet.

Et ass dann awer och legitim, fir ze froen, ob dëse Projet net zevill ambitiéis ass fir eist klengt Land, och wann ëmmer erëm drop higewise gëtt, dass d'Anzuchsgebitt vum Grenzgebitt jo och derzou géif dinge, fir Leit aus den Nopeschlänner heihinner ze zéien.

Ech wëll do zum Beispill nëmmen un e Plang vun der Stad Dortmund erënneren, wou e Concertsall, deem Enn 2002 fäerdeg sollt sinn, fir dat ganz Bundesland Nordrhein-Westfalen 1.500 Plaze virgesäit, sou wéi eisen hei. Mä souvill Leit, wéi do ronderëm Dortmund op 50 km wunnen, gëtt et der net hei op 100 km. D'Fro ass also legitim: Ass de Sall net ze grouss? Ass de Conservatoire an der Stad wierklech ze kleng?

*(M. Jean Spautz reprend la Présidence)*

Op alle Fall muss opgepasst ginn, dass all kulturelle Veräin - Musik a Gesang -, Jugendlecher a Leit aus dem normale Vollek, kënnen profitéieren vum Gebai. Ass dat an dësem Projet net vergiess ginn, oder hënnert net déi Diversificatioun vun de Musikinfrastrukturen, déi mir am ganze Land nach méi wäit gäre gesinn?

Dir Dammen an Dir Hären, d'Iddi, fir zu Lëtzebuerg fir d'kulturellt Liewe vun de Lëtzebuurger eppes Groussaarteges ze schafen, och wann et deier kascht, ass legitim, an esou eng Visioun fir eis Kultur kënnen mir ënnerstëtzen. Wat awer elo de reelle Baupräis ubelaangt, hu mir do eng Suerg. Do muss ech un all déi Iwwerschreidungen erënneren, déi eise Bautementière eis dëslescht huet misse beichten. D'Beispiller Pei-Musée oder Geesseknäppche soen Iech genuch. Och den Theater vun der Stad Lëtzebuerg ass do ze ernimmen.

D'Fro un d'Mme Minister ass déi: Ass dës Kéier den Devis korrekt? Sinn dës Kéier d'Parkingen an d'Baussenanlagen derbäi gerechent ginn, oder kréie mer erëm stéckelchersweis alles nogerecht? Kann d'Mme Minister eis hei garantéieren, dass si zum Schluss vum Bau net erëm eng Kéier komme muss, fir nei Dépassementer matzedeele an nei Kreditter unze-froen? Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir d'Exploitationuskäschte vun deene geschatenen 364

Milliounen. Och do kann d'Mme Minister keng Garantie ginn, dass d'Zuele stëmmen.

Wichtig ass och bei dësem Projet, wéi dann elo de Bau ausgeschriwwen gëtt a vu wéi dann e gebaut gëtt. Souwäit mir bekannt ass, sinn déi éischt Soumissiounen scho lancéiert, dat heescht déi éischt Offere bei Firmen a geholl.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- A wouhier dann! Wéi kënnt Der dann esou eppes behaapten? Dat do ass dach gelunn!

**Plusieurs voix.**- Oh, oh!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Mme Minister,...

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- De Projet ass nach net gestëmmt, da gi mir dach keng Offere froen!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Mme Minister, dat war meng Fro. Ech hunn och dofir gesot, sou wäit mir bekannt ass. Wann dat net sou ass, dann ass dat richtig, an dann hutt Dir vollkommene Recht.

*(Interruptions)*

Dat ass keng Dommheet, dat ass eng Fro, an et ass wichtig drop hinzeweisen, a virun allem, Här Strotz, et ass net déi éischte Kéier, dass esou eppes virkomm ass.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Dir setzt ëmmer nëmme Saachen an d'Welt!

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dorunner wëlle se sech net méi erënneren!

*(Interruptions)*

**M. le Président.**- Fuert virun, Här Greisen!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Ech wëll an deem Zesammenhang nach eng Fro un d'Mme Minister stellen: Sidd Dir och bereet, déi Zommen ze nennen, déi bis elo fir d'Planung vum Projet ausgi gi sinn, ugefaange beim Architektenconcours bis hin zur Ausschreibung? Interesséiere géif et eis och, firwat da grad e chinesisches Akustikspezialist ausgewielt gouf. Vläch hat den Här Icho Ming Pei dee recommandéiert.

**Plusieurs voix.**- Oh, neen!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Ware lëtzebuergesch oder europäesch Fachleit net gutt genuch?

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.**- Här Greisen, hei gi keng Nimm genannt vu Leit, déi net hei sinn a sech net kënnen verteidegen.

*(Interruptions)*

Schwätzt zum virleiende Projet an ënnerloosst Är Commentairen!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Ech wollt dem Här Pei net ze no trieden. Dee brauch sech net hei ze verteidegen.

Mä trotzdeem wéisst ech gären, wat deem Mann bezuelt ginn ass, deen hei als Akustikspezialist geholl ginn ass.

Wichtig ass fir eis, dass d'Aarbechte sou ausgeschriwwen ginn, dass och Lëtzebuerger Entreprises kënne matmaachen, dat heescht no eenzelne Corps de métiers an net als Ganzt, wou nëmme grouss an haapt-sächlech auslännesch Gruppen kënne profitéieren.

D'Detailer, déi ech am Projet iwwert déi bautechnesch Ausféierung fannen, si gutt, mä wéi ass et mat der Exekutioun op der Plaz an der Kontroll während dem Bau?

Dat Gebai, dat mat dësem Projet soll gebaut ginn, ass virun allem zesummen ze gesi mat deene bestoenden a geplangte Gebaier op der Place de l'Europe a mat der Entwécklung vum ganze Kierchbierg. Tëscht dem Schuman-Gebai, dem Héichhaus, dem Pei- a Festungsmusée ginn elo op der Place de l'Europe eng Concertshal, e Konferenzzentrum gebaut an nach verschidde Wunnebléck. Bei där Vermëschung vun europäeschen an nationale Gebaier kann een net méi vu laangfristeger, moderner a gutt duerchgedachte Stadplanung schwätzen. Ech gesinn och net, wéi dës Bau erapasst an déi katastrophal Entwécklung um Kierchbierg an dann och nach eng Haaptroll am kulturellen Tourismus soll spillen.

Wat déi alles anescht wéi gelongen Urbaniséierung vum Kierchbierg ubelaangt, wäerte mer nach eng Kéier drop ze schwätze kommen.

*(Interruptions)*

Eng Tatsaach bleift déi ongemëschteg Lag vum Concertssall an déi feelend öffentlech Verkäiersmëttelen. Och de Conseil d'Etat schwätzt do daitlech Wieder, déi mir nëmme ënnerstëtze kënnen, wann e vun ongenügender Virbereedung schwätzt a mengt, de Succès vum Projet wier ofhängeg vun engem effikassen Transportsystem. Erënnere wëll ech just drun, dass den ADR scho laang d'Meenung vertritt, dass eisen öffentliche Transport méi clientsorientéiert muss ginn a gratis soll fueren.

Ech wëll och nach eng Kéier op déi feelend Parkplazen zréckkommen. Dës Problem ass guer net geléist. Elo schonn ass dagsiwwer an där ganzer Géigend alles voller Autoe geparkt vu Leit, déi do schaffen. Wann elo dee kleng Kueb beluegt ass oder am Héichhaus, am Konferenzzentrum oder am Schuman eppes lass ass, da feelen der nach méi. Ech muss do zréckkommen op meng Interventioun vun 1997, wéi mer fir d'éischt vum Musée Pei an der

Chamber an an der Kommissiounssitzung geschwat hunn.

Hei gouf Folgendes gesot: Op der Place de l'Europe kéime 1.500 ënnerierdesch Bauplaze bäi, an dës Plaze kéinten och...

**Plusieurs voix.-** Parkplazen!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Parkplazen, merci!

Op d'Place de l'Europe kéim also e Parking bäi mat 1.500 ënnerierdesche Parkplazen.

*(Interruptions)*

Dës Plaze kéinten dann och vun de Visiteuren deenen zwee neie Muséeën gebraucht ginn a wäeren och geduecht fir déi nei geplangte Gebaier Concertshal, Konferenzzentrum a sou weider. Zweetens gouf gesot, déi heiteg Kapazität léig bei 750 bis 800 Plazen. Déi géif jo da verduebelt ginn; folglech géife keng Plaze feelen. Dat ass eng faul Rechnung. Richtig ass dat hei: Haut feele scho Plazen; wéivill ka kee genau soen. D'Regierung huet net gesot, wéivill Plaze pro Büro an der Regel gebraucht ginn.

Et falen heiteg Plazen ewech, well déi geplangte Gebaier jo op de bestoende Parkinge gebaut ginn. Et kommen nei Gebaier bäi an nei Manifestatiounen. Wéivill Parkplazen do noutwendeg sinn, konnt och d'Regierung bis elo nach net opstellen. De geplangte Bau vum ënnerierdesche Parking vu virdrun, viru 4 Joer, vu 1.500 Plazen ass elo op 750 Plaze geschrumpft.

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Haalt dach op! Dat sinn dach alles Dommheeten!

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat ass net wouer!

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- Et gëtt e Parking vu 1.500 Plaze gebaut, an et sinn der 750 reservéiert fir den Theater. Wou kann e Mënsch, deen ni an enger Kommissiounssitzung war, wou de Projet explizéiert ginn ass, hei esou Dommheete verzielen?

*(Hilarité)*

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här Strotz, wann Der Iech gutt erënnert: Ech war de Moien an der Kommissioun,...

**M. Nicolas Strotz (CSV).**- De Moien hu mer iwwert den Etablissement public geschwat!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- ...obscho se a leschter Minutt zesumme geruff gi war.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- De Moie war net wichtig, Här Greisen.

*(Interruption)*

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här Strotz, ech kommen dann zum Schluss, wann Der erlaabt!

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech war och iwwert den Här Schummer enttäuscht!

**M. le Président.**- Här Greisen, fuert weider!

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Den ADR begréisst d'Beméiunge vun der Regierung, fir eng anstännege Infrastruktur ze baue fir kulturell Aktivitéiten am musikaalesche Beräich. An eisen Aen ass et richteg, och Steiergelder fir d'Lëtzebuerger Kultur a Musikswelt auszeginn. Et ass an der Vergaangenheet net genuch gemaach gi fir dës Themen hei am Land.

Och wa mir net mat allem averstane sinn, wat am Projet steet, sou sinn dach eng Rei vu positiven Elementer dran ze fannen. Zum Beispill begréisst ech d'Iwwersiicht vun deene besteende Strukturen fir Musik hei am Land, déi am Projet steet, an och déi, déi iwwert eist Grenzgebitt erausgeet. Mir begréisst ech d'Lëscht vun allen Organisatoren oder Musikveräiner, déi a Fro kommen, fir déi geplangten nei Méiglechkeete benotzen ze kënnen. A mir begréisst ech de Wëllen, deen am Text ausgedréckt gëtt, fir allen interesséierte Musikstudenten, sougutt wéi de Musikfrënn hei nei a breet Méiglechkeeten ze schafen, hirer Konscht nozagoen.

Dëst si Grënn genuch, firwat dass den ADR dëse Projet, trotz virgenanntene Bedenken, mat stëmme wäert.

Ech soen Iech merci.

*(Hilarité et interruptions)*

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir verdrot keng kritesch Stëmm!

*(Interruptions)*

**Une voix.**- Dat ass keng kritesch Stëmm dat do, dat ass eng wéi guer keng!

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert elo erstaunt sinn, wann ech Iech eng kleng Anekdot erzielen, déi mech deemools erstaunt hat.

Wéi am Joer 1995 d'Regierung dee Projet hei am Package presentéiert huet, zesumme mam Pei-Musée a mat där ominöser Plaz fir d'Buch, kummen deen deemolege Budgetsminister bei mech als klengen Oppositionsdeputéierten an huet mech ganz am Eescht gefrot: „So, fënns Du dee Projet do mat där Concertshal eigentlech fir néideg?“ Ech war ganz erstaunt, dass hie mech esou eppes gefrot huet, an hie war dunn och ganz erstaunt, wéi ech him geäntwert hunn, dass ech dat natierlech ganz néideg géif fannen, well wann ee géif gesinn, wéi den Orchester do an de Locaux vun der Villa Louvigny géif hausen, wéi eng Méiglechkeeten dass en do hätt, an och déi Augmenta-

tioun vun de Concerten, déi stattfannen, da géif ech dee Concertssall am Prinzip begréisst, mä e misst awer natierlech wëssen, dass mir Probleemer hätte mam Site selbstverständlech an och mat engem gewëssenen Équilibre vun de Finanzen.

Ech hunn dunn herno iwwerluegt, ob do am Regierungslager vun deemools selwer vläicht net esou eng begeeschtert Unanimitéit ze fanne war fir dee Projet hei, an ech hunn déiselwecht Onsicherheit dee leschten Dëschdeg hei erëmfonnt, wéi mäi Fraktionspresident, den Här Bausch, hei, an eiser Logik natierlech, gesot huet: Kommt, mir huelen dee Projet vum Ordre du jour. Mir hu jo ëmmer gesot, et misst ee fir d'éischt de Contenu an dann erëischt d'Strukturen diskutéieren an och entscheeden.

Dunn hat een e bësschen d'Impressioun hei, et wär een an engem Laboratoire vun engem Zänntechniker, well verschidde Leit hu mat hiren echten a künstlechen Gebësser zimlech geknirscht - Här President, Dir hutt dat wahrscheinlech och bis uewenhin héieren -, an ech hat d'Gefill, wéi wann déi Unanimitéit, déi „Eintracht im Thale“, déi elo hei herrscht, an der Majoritéit net sou evident wär. Et huet mech dunn och dee Moment net schrecklech gewonnert, wéi à la hâte dann déi Sitzung vun haut de Moien zesumme geruff ginn ass, déi vläicht verschiddene Leit ze fréi war am Moien.

*(Interruptions)*

Déi Sitzung hat de Charakter vun enger interfraktioneller Sitzung vun de groussen Parteien, wou och zwou Oppositionsparteien als Beobachter zougelooos waren, déi awer hu missen eng humorlos Schweigeflicht observéieren, well d'Atmosphär war e bëssche gelueden. Dat heescht, et gëtt e gewëssene Malaise mat dësem Projet, och hei an der Regierungskoalition. An ech kann awer gudde Gewëssens soen, wéi och deemools bei deem Budgetsminister, dass mir vu vireran dee Projet hei am Prinzip ënnerstëtzt hunn, mä dass mer déi Bedenken, déi mer deemools haten, och nach haut hunn, dass mer déi eigentlech och nach kënnen a genau darselwechter Logik hei vertrieeden.

Ech wëll déi Bedenken nach eng Kéier kuerz rappeléieren. Deen éischte Bedenken ass natierlech dee vum Site vum Kierchbiereg. Ech ka mech erënneren, dass deemools net nëmme vun eis, mä och zum Beispill vun der Mme Brasseur dee Site net mat darselwechter Begeeschterung wéi vum Här Schummer hei virgedroe ginn ass.

*(Interruption)*

Déi Angscht, dass quasi all déi nei Kulturinfrastrukturen op de Kierchbiereg kéimen an domat d'kulturell Substanz vun eiser Haaptstad géif vidéiert ginn, war deemools scho vun alle Säite geäussert ginn. Wann een natierlech elo kuckt, wéi d'Realitéit ass vun deenen neien Infrastructures culturelles, sief et de privaten Utopolis-Kino, sief et déi nei Plaz fir d'Buch, sief et de Pei-Musée, sief et d'Concertshal, sief et de

Musée de la Forteresse a sou weider, da sinn déi alleguer op engem neie Site vum Kierchbiërg an an der Stad Lëtzebuërg selwer. Et huet een d'Impressioun, dass d'kulturellt Liewen awer éischter um Ofhuelen ass.

Et huet een zwar nach de Ciné Cité als Iwwer-ganksléisung, de Cercle fir den Douaniersbal, d'Rotondë solle jo elo anscheinend fir d'Studentebaler duerhalen an de Marivaux fir d'schwaarz Masse vun de brasilianesche Sekten, mä insgesamt muss ee soen, dass de Kierchbiërg amgaangen ass, dem Zentrum an och der Gare gewësse Substanzen ewech ze huelen.

Mir hunn deemools, wéi mir mat deene Leit geschwat hunn, déi dee Projet hei promouvéiert hunn, och gesot, dass mir eigentlech léiwer e Site an der Stad hätten. Mir hunn och duerno gesicht.

Als zweet Anekdot, déi och ganz flott ass, hat ech eng Iddi, déi ech mech net getraut hunn ze äusseren, well soss hätten d'Leit alleguer gelaacht, an Dir wäert och elo laachen. Dat schéinst Gebai, dat op der Gare ze fannen ass, ass de Siège vun engem multinationale Konzern, deen och nach Aktivitéiten zu Lëtzebuërg huet. Dat ass menger Meenung no dat schéinst Gebai an der ganzer Stad.

Deen hat ech mer nämlech virgestallt fir de Concertssall. De Bannenhaff vum alen ARBED-Gebai hätt ee kënne mat enger schéiner Glaskuppel iwwerspannen an déi aner grouss Raim fir d'Administratioun an och fir d'Proufsäll notzen. Ech hu mech awer net getraut, dee Projet virzestellen, well da wär erëm gesot ginn, esou wéi deemools den Här Goebbels dat scho bei de Rotondë gesot huet, dass een net kéint e Projet mat engem Gebai maachen, wat engem anere géif gehéieren. Bei den Autobunnen ass dat jo anescht.

Deemools sinn ech no e puer Méint gewuer ginn, dass just zu därselwechter Zäit am Conseil d'administration vun der ARBED ernsthaft driwwer geschwat ginn ass, fir dat Gebai ofzestoussen. Dee Konzern ass jo am Moment drop spezialiséiert, fir dem Stat zu héije Präisser seng Industrie- oder aner Broochen ze iwwerloossen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dee Moment gönschteg gewiescht wär - an ech sinn e bëssen traureg, dass ech mech deemools net getraut hat -, fir dee Projet an d'Öffentlechkeet ze bréngen, well ech géif soen, dass dat vum Prestige hier, e Wuert, wat jo oft gebraucht gëtt, e schéine Site gewiescht wär, och fir d'Beliewung vun engem Quartier, wou oft SOS gebiereit gëtt, wou och d'Parkingsinfrastrukture jo schonn am Rousegäertchen do sinn. Wéi gesot, ass déi Chance wahrscheinlech verpasst, a mir sinn awer nach ëmmer dowéinst skeptesch par rapport zu deem Site um Kierchbiërg.

Den zweete Problem ass dee vun der Enveloppe budgétaire, souwuel wat d'Infrastrukturen, wéi och wat d'Fonctionnementskäschte betrëfft. Ech wëll direkt virausschécken, dass mir eis nach ni géint héich Enve-

loppes budgétaires fir Infrastrukturen oder Fonctionnementskäschten an der Kultur gewiert hunn. Do ass en Nachholbedarf, dee sech iwwer Jorzénge streckt.

Mir hunn och ni bei eiser kritescher Haltung zum Pei-Musée d'Argument vun de Sue mat erabruucht. Mir hu just ëmmer gesot, et muss ee kucken, dass een d'Evolutioun vun de Käschten ënner Kontroll huet an e gesonden Équiliber tëschent deenen eenzelne Sparte vun der Kultur anhält.

Am Ufank huet dat och nach relativ vernünfteg ausgesinn a war fir zwou Milliarde projetéiert. Am Ufank, bei der Presentatioun vum Här Juncker, 1995, ass vun zwou Milliarde Rieds gaangen. Du waren et op eemol 2,6 Milliarden, an elo si mir op 3,150 Milliarden. Wann een dann op déi Dépassementer kuckt, déi mir beim Pei a bei anere Gebaier hunn, da kann een awer realistesch mat 4 Milliarde rechnen. Eierlech gesot, dass sinn zwee Kilometer Autobunn, an ech hunn am Prinzip näischt dogéint.

Et muss een dann natierlech och d'Fonctionnementskäschte kucken. Do sinn ech e bësse méi skeptesch, well déi 364 Milliounen, déi mir haut de Moie presentéiert kruten, si jo awer trotzdem e relativ décke Batz. Wann ech kucken, wat do vu Recetten agerechent gëtt, fannen ech dat och net schrecklech realistesch. E Sall, dee fir 500.000 Frang den Owend verlount gëtt: Do weess ech net, ob een esou Recettë kann zwanzegmol pro Joer arechnen.

Op alle Fall hunn ech iwwert den Daum ausgerechent, dass op deem halwe Quadratkilometer, an deem gëllenen Dräieck tëschent der Place de l'Europe, dem Pei-Musée an der Concertshal, ongeféier d'Halschent vun de Kulturinvestissementer sinn an och d'Halschent vun de Fonctionnementskäschten, wann déi Kulturinstituter bis a Betrib sinn. Dat fannen ech awer eng relativ Disproportioun par rapport zu anere Sparten, wéi och zu anere Regione vum Land.

Deen drëtte Bedenken, dee mir haten - an deen hu mir och nach ëmmer, an dat ass och den Haaptbedenken -, ass deen, dass mir eigentlech scho säit 10 Joer ëmmer soen, dass ee fir d'éischt soll kucken, fir de Fonctionnement an d'Konzeptioun vun esou engem Projet festzeleeën an dann eréischt d'Architekten an d'Betoneusen un d'Wierk ze loossen.

Dat ass quasi ni geschitt, an déi Motioun, déi d'Mme Minister Anne Brasseur am Juni acceptéiert huet, war schonn en éischte Fortschrëtt, well do hu mir gesot - diplomatesch wéi mir sinn; mir wollt jo, dass déi Motioun soll gestëmmt ginn -, dass dans la mesure du possible soll e Parallelismus tëschent dem Infrastrukturprojet an dem Fonctionnementsprojet agehale ginn.

A Wierklechkeet si mir nach ëmmer der Meenung, dass ee fir d'éischt soll d'Konzept an de Fonctionnement definéieren, fir dann de Bauprojet dorop ze greféieren.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Är Motioune soen also net dat aus, wat Dir mengt!

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Déi Motioun war esou geduecht, fir datt se soll e Konsens fannen. Mä eis Meenung geet natierlech méi wäit a seet, datt ee soll fir d'éischt de Fonctionnement definéieren an dann eréischt de Bauprojet.

Ech muss allerdéngs zu menger Schan gestoen, datt ech an de leschten aacht Joer zweemol deem Prinzip ontrei gi sinn, an ech beobachte schonn e schlechten Omen iwwert där Net-Konsequenz bei eiser Positioun.

Den éischte Projet, wou mir dat net gemaach hunn, war dee vun der Abtei Neumünster 1993. Mir hu geduecht, et wär esou e schéine Projet, an den Här Santer hätt sech esou vill Méi gemaach, datt mir e gestëmmt hunn, och wann d'Regierung deemoos kee Konzept hat. An der Zwëschenzäit sinn awer e puer Konzepter komm. Dat war e schlecht Omen, well aacht Joer duerno ass et nach net fäerdeg, an et gesäit een och nach kee richtegt Enn.

Déi zweet Kéier, wou mir géint eis Prinzipien e Bauprojet gestëmmt hunn, ouni datt de Fonctionnement festloug, war am Mee d'lescht Joer bei der faméiser Rockhal. Do ware mir esou frou, datt den Här Bodry sech wéinstens an engem Dossier géint den Här Goebbels duerchgesat hat, datt mir de Projet mat gestëmmt hunn, ouni datt e Konzept virloug. Mir haten 1996 selwer e Konzept virgestallt, wat awer an engem Tirang verschwonnen ass.

Also schonn eleng déi Geschicht mam schlechten Omen géif eis dozou féieren, fir eis bei deem Projet ze enthalten, mä och déi Ausféierungen, déi ech virdu gemaach hunn, féieren dozou, datt mir eis bei deem Projet hei enthalten. Dat mat guddem Gewëssen, well mir ware vun Ufank u fir e Concertsall a fir Proufinstallatiounen fir den Orchester, an déi hei Faiten, déi eis dozou féieren, eis ze enthalten, sinn awer fir eis net duerch deen hei Projet geléist ginn.

Elo hat ech bal vergiess, à propos vun der Rockhal, datt et do virun engem Joer esou war, datt ganz béis Zonge behaapt hunn, do wär e Moratoire drop gewiescht, an d'Ministerin huet eis erklärt, do wär kee Moratoire drop gewiescht. Et war nämlech e Moratoire op de Gesondheitsinfrastrukturen.

De Moratoire op de Gesondheitsinfrastrukturen ass an der Zwëschenzäit opgehuewe ginn, an den „Net-Moratoire“ ass net opgehuewe ginn, beziehungsweise en „Net-Moratoire“ kann een net ophiewen, well et ass jo kee Moratoire. Op alle Fall ass an deem Dossier och näischt weidergaangen. Ech hu mir vill Gedanken gemaach, wat de Grond dovun ass; ob do de Buergermeeschter vum Kierchbierg, den Här Pesch, an der Zwëschenzäit Buergermeeschter vu Belval wëll ginn an do vläicht d'Rockhal aus deem Gebai wëll eraus-

huelen an iergendwou anescht hibauen, oder wat de Grond dovun kéint sinn.

Firwat dat ass, ass ganz kloer. Et feelt en Etablissement public. Den Här Bodry hat vergiess, fir mat sengem Projet vum Bau en Etablissement public fir Belval virzegesinn. Ech sinn iwwerzeegt, wann en Etablissement public do wär, da géif näischt méi de Bau vun der Rockhal zu Belval verhënnern.

Dunn hunn ech mir de leschte Weekend geduecht, et wär den Ufank vun der Année vum Volontariat. Dunn hunn ech mech, amplaz meng Staude géint de Frascht, deen ni kënnt, zouzedecken, zwee Deeg dohi gesat, der Regierung ënnert d'Äerm gegraff an als Bénévole eng Proposition de loi iwwert den Etablissement public fir d'Gestioun vun der Rockhal ausgeschafft.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi

Déi wëll ech hei déposéieren, an ech hoffen, datt déi deen übleche Wee duerch d'Parlament geet:

- *proposition de loi 4737 portant création d'un établissement public nommé « Centre de créations et d'événements musicaux Janis Joplin ».*

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Ech huelen Akt vum Dépôt vun där Proposition de loi. Si gëtt an déi zoustänneg Kommissioun verwisen.

## 8. Hommage à la mémoire de Monsieur Alphonse Hildgen, député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Flicht, Iech den Doud vun engem fréiere Kolleeg, dem Fons Hildgen, matzedelen. Hien ass haut de Moien zu Mondorf am Alter vun 88 Joer gestuerwen.

Mat him verléisst eis e Mann, deen als Vollbluttpolitiker op der sozialistescher Bänk an dësem Haus Spueren hannerlooss huet, besonnech och als President vun der Finanz- a Budgetkommissioun.

De Fons Hildgen war vun 1960 bis 1968 an erëm vun 1974 bis 1979 Member vun der Chamber, an där hie souzesoen den Nofolger vu sengem Papp, dem Venant Hildgen, gi war. Bei senge Kolleegen a senge Wieler war de Verstuerwene fir säi kloert Denken, säin onermiddlechen Asaz, säi gesonde Mënscheverstand, mä awer och fir seng Jovialitéit a säin Humor bekannt.

Als Zentrumsdeputéierten a Member vum Stater Gemengerot huet hie sech natierlech ëmmer och fir d'Stad an hir Quartieren agesat.

Als Eisebunner an als President vun hirem Syndikat war hien op gewerkschaftlech Plang vun direkt nom Krich un e Virreider, eng Eegeschafft, déi hien och fir